de pefferkär

D'Alternativ fir Käerjeng

Gemengewalen 2017

ADR: eng kloer Sprooch!

D'ADR ass d'Partei vun der Rentegerechtegkeet. Mat hirem 3x Nee ass d'ADR d'Partei vum Referendum. D'ADR huet gewisen, datt si denkt, wéi d'Leit am Land och denken.

D'ADR ass nach eng jonk Partei mat grad emol 30 Joer. Vun hire soziale Wuerzelen huet si sech weiderentwéckelt zu enger sozial engagéierter, un de Wäerter vum Land orientéierter Partei. D'ADR verdeedegt d'Demokratie an d'Rechter vum Eenzelen. Dorfir wëlle mir och eisen Asaz an der Gemengepolitik verstäerken.

Mir bezéie kloer Positiounen, an eis Haapttheme bleiwen an der Gemengepolitik atuell:

- Lëtzebuerger Sprooch a Kultur
- Integratioun
- Schoul, Familljen- a Sozialpolitik
- Antriede fir d'Privatsphär an d'Meenungsfräiheet, mee och fir d'Sécherheet
- eng humanistesch a rechtlech Approche zur Flüchtlingspolitik
- Hannerfroe vun den EU-Exzesser an d'Betoune vum Wäert vum Nationalstaat
- fräi Maartwirtschaft a keng Verwaltungswaasserkäpp

D'ADR verdeedegt de Prinzip vun enger staarker Gemengenautonomie. De Staat soll sech, no dem Subsidiaritéitsprinzip, just ëm déi Aufgabe këmmeren, déi net besser vun der Gemeng ze erleedege sinn.

D'ADR ass fir Mobilitéit - och mam Auto!

Den Auto huet haut e schwéiere Stand. Vill Parteie si géint den Auto als Verkéiersmëttel a wëllen e souguer laangfristeg ofschafen. Besonnesch problematesch ass d'Situatioun mat de Parkingen an eise Gemengen. Hir Zuel gëtt ëmmer weider reduzéiert.

D'ADR denkt do anescht! Si ass fir den Auto a wëllt fir genuch Parkplaze suergen. Si ass och fir de generaliséierte Parking résidentiel an de Wunnzonen.

Et ass der Gemeng hir Aufgab, hiren Awunner eng Léisung fir de Parkplazproblem ze bidden!

D'Trëttoire sinn net fir d'Autoen do! Och net bei der Käerjenger Gare!

D'ADR wëllt och dofir suergen, datt d'Parkplaze bei de Geschäfter a bei de Verwaltunge fir deen Zweck benotzt ginn, fir dee si geduecht sinn. Ausserdeem sollen d'Awunner vun der Gemeng Virdeeler beim Parken hunn!

Op der Käerjenger Gare musse mat engem vernünftege Bau-Konzept méi P&R-Plazen geschaf ginn.

Inhaltsverzeechnes

ADR: eng kloer Sprooch!
D'ADR ass fir Mobilitéit - och mam Auto!
Säit 1

Eng sportlech Gemeng!
Kultur ass e Plus!
D'Lëtzebuergescht wäertschätzen!
Säit 2

D'ADR ass fir déi méi schwaach Matbierger do!
Eng behënnerten- a senioregerecht Gemeng
Hëllef beim Zuch- a Busabonnement
Säit 3

Famillje mat Kanner beschtméiglech ënnerstëtzen
Eng Gemeng mat Häerz, och fir Hënn!
Member-Formulär
Säit 4

ADR wielen - Well Käerjeng eis um Häerz läit!
6 Prioritéite fir Är Gemeng
D'ADR verlaangt Moossname géint d'Liichtverschmotzung!
Säit 5

Kompetent, gerecht politesch Gouvernance, w.e.g.!
Käerjeng muss méi attraktiv ginn!
Säit 6

Ëmwel: och eng Prioritéit!
Migranten an der Gemeng
Säit 7

Eis Kandidate fir Är Gemeng
Säit 8

Walprogramm (Lëtzebuergesch)
- https://adr.lu/alternativ_2017_l/

Wahlprogramm (Deutsch)
- https://adr.lu/alternativ_2017_d/

Programme électoral (Français)
- https://adr.lu/alternativ_2017_f/

Election program (English)
- https://adr.lu/alternativ_2017_e/

Programa eleitoral (Português)
- https://adr.lu/alternativ_2017_pt/

Eng sportlech Gemeng!

D'ADR ënnerstëtzt voll a ganz déi lokal Sportsveräiner. Iwwer dee Wee kann een och wäertvoll Betreiungs- an Integratiounsaarbecht fir Kanner a Jonker leeschten. Sport ass awer gutt fir Leit vun all Alter an dowéinst soll et och eng adaptéiert Offer fir jidderee ginn.

D'ADR wëllt dofir suergen, datt déi lokal Veräiner all déi Mëttelen hunn, déi si fir hiren Asaz brauchen. Mee och déi normal Fräizäitaktivitéite baussent de Clibb - eleng, mat Frënn oder an der Famill - sollen ënnerstetzt ginn. Spill- an Hobbyplazen fir Grouss a Kleng soll et och an de Parken an an der Natur ginn. Dës och mol iwwerdeckt, well souguer zu Käerjeng soll et heiansdo reenen. Fir d'ADR ass et eng Erausfuerderung, fir Käerjeng an deem Sënn méi attraktiv ze maachen.

De breede Publikum an all Altersklass soll kënne sportlech aktiv sinn.

Kultur ass e Plus!

D'Fërderung vun engem ofwiesslungsräiche Kulturliewe mat Niveau ass eng vun der Gemeng hiren zentralen Aufgaben. Kënschtler a Veräiner aus der Gemeng Käerjeng kënnen dowéinst op d'Ennerstëtzung vun der ADR zielen! Mir wieren awer net d'ADR, wa mir bei de Concerten, Ausstellungen, Theaterowender, asw., net och esou dacks wéi méiglech géingen den Akzent op eis Lëtzebuerger Kultur leeën. D'ADR wëllt eis Kultur fleegen a si och un eis auslännesch Matbierger weidervermëttelen. D'Kultur ass nämlech net nëmme schéin an intressant mee och e gudde Wee fir d'Integratioun ze ënnerstëtzen.

Fir eis ass et wichteg och dem Buch an dem Liesen eng Plaz an eisem Kulturliewen ze erhalen. Eng gutt, ëffentlech Bibliothéik a Bicherschief sinn dofir ëmmer en Thema fir eis.

Den Zougang zur Kultur mécht de Mënsch zougänglech fir d'Gesellschaft.

D'Lëtzebuergescht wäertschätzen!

D'ADR ass déi Partei, déi sech wéi keng aner an ouni Kompromesser fir d'Lëtzebuerger Sprooch asetzt. Mir setzen eis dofir an, datt d'Lëtzebuerger Sprooch net nëmmen op nationalem, mee och op kommunalem Niveau zu hirem Recht kënnt.

D'ADR setzt sech dofir an, datt d'Lëtzebuerger Sprooch un éischter Plaz steet:

- an de Gemengepublikatiounen
- a Bréiwer, Dokumenter an Informatiounen
- um Internet-Site vun der Gemeng
- an der Äntwert op een - op Lëtzebuergesch formuléierte - Bréif
- op Stroosseschëlder
- als Integratiounshëllef mat gratis Sproochecoursen (eventuell mat enger Aschreiftax, déi bei Präsenz an de Coursen zréckbezuelt gëtt). Déi Coursë sollen och ausserhalb vun übleche Schaffzäiten ugebuede ginn.

D'ADR huet kee Problem domat, wann d'Awunner vu Lëtzebuerg zousätzlech nach an anere Sproochen informéiert ginn. Allerdéngs hale mir dorop, datt Lëtzebuergesch déi éischt Sprooch ass.



Wat gelift? En Internet-Site an offiziell Pabeiere vun der Gemeng, wiere mat der ADR op Lëtzebuergesch ze liesen! Dat ass ëmmer nach d'Landessprooch!

D'ADR ass fir déi méi schwaach Matbierger do!

Altersheem zu Nidderkuer a Fleegeheem zu Déifferdéng: Wou bleiwen esou Infrasstrukture bei eis?

D'Gemeng ass och do, fir den eelere Matbierger, deene gesondheetlech ageschränkten an deene mat Behënnerung d'Liewen esou einfach a liewenswäert wéi méiglech ze maachen. Beispillsweis muss si dozou bäidroen, datt déi Leit net aus dem gesellschaftlechen, kulturellen oder sportleche Liewen ausgeschloss ginn. Dofir kënnen ënnert anerem och intergenerationell Projete ganz sënnvoll sinn.

Fir d'ADR gëtt et hei vill Konkretes wat ee kuerzfristeg maache kann. Zum Beispill sollen all d'Zebrasträife senioren- a behënnertengerecht gemaach ginn. D'Luuchte solle laang genuch fir d'Foussgänger gréng sinn a si sollen, nieft deenen opteschen, och akustesch Signaler hunn.

D'Gemeng kann och Transportservicer mat organiséieren. Fir alleguer d'Gemengenawunner – an net nëmme fir déi eeler – wier et flott, wann et géing Navette ginn, fir direkt bei déi grouss Akafszenteren a Servicer ze kommen. Esou Moossname wiere gläichzäiteg och nach ëmweltfrëndlech.

D'Gemeng kéint och an hirer Baupolitik dofir suergen, datt eng Rei vu Servicer kéinte méi no zesummegeluecht ginn, z.B. Dokterpraxissenen mat Apdikten oder Post- a Bankdéngschter.

Et kann ee vill fir déi Leit maachen, déi op Ennerstëtzung ugewise sinn, wann een u si denkt a sech fir si engagéiere wëllt, esou wéi d'ADR dat mécht!

D'Kanner sinn eis Zukunft, mee déi eeler Leit an déi mat Krankheet oder Behënnerung zielen och!

Eng behënnerten- a senioregerecht Gemeng

D'UN-Konventioun fir d'Rechter vu Mënsche mat Behënnerung gouf 2011 vu Lëtzebuerg ratifizéiert. Och wann hei punktuell scho munches ëmgesat gouf, sou feelt nach ëmmer villes. Ëmmer nach stoussen déi betraffe Leit op schwiereg Situatiounen, déi hinnen et net erlaben, u gesellschaftlechen Uläss deelzehuelen oder sech fräi an der Gemeng ze beweegen, ouni op äusserlech Aschränkungen ze stoussen.

D'ADR setzt sech dofir an, datt am Laf vun der kommender Legislaturperiod endlech déi ganz Gemengeninfrastruktur behënnerten- a senioregerecht gemaach gëtt.

Dëst betrëfft esouwuel den Accès, wéi och d'Beweegen ënnerhalb:

- administrativen a kulturelle Gebaier
- Gebaier vu Bildungs- a Betreiungsstrukturen
- Gebaier vum Gesondheetssystem a vu Fleegestrukturen
- Kierchen a Kierfechter
- Sport- a Fräizäitanlagen
- Sanitär-Anlagen
- Verkéiersstrukturen (z.B.: Busarrêten, Foussgängerluuchten, Stroosseniwwergäng, asw.)

Dorfir muss en Inventar opgestallt ginn, an deem fir all ëffentlech Gemenegeninfrastruktur festgehale gëtt, ob si behënnerten- a senioregerecht amenagéiert ass. Am Gemengebudget muss dann och all Joer e Programm a Kreditter festgehale ginn, fir dës spezifesch Infrastruktur ze verbesseren.

Desweidere wäerte mir dann och d'Baureglement esou änneren, datt nei Appartementshaiser a Geschäftslokaler direkt no de behënnerten- a senioregerechte Kritäre musse gebaut ginn.

D'ADR wäert dofir suergen, datt eng integral behënnerten- a seniorefrëndlech Upassung vun alle Gemengeninfrastrukturen net just a Sonndesriede versprach gëtt, mee och an d'Realitéit ëmgesat gëtt.

Matschaffen! Froen? Ureegungen!

Hutt Dir Froen oder Ureegungen? Oder géingt Dir gär aktiv bei eis matschaffen? Dann zéckt net a rufft einfach un, ënnert der Nummer:

+352 26 20 37 06

Hëllef beim Zuch- a Busabonnement

Als ADR fuerdere mir, datt den ëffentlechen Transport gratis gëtt. Esou laang dat awer net de Fall ass, soll séchergestallt sinn, datt och déi Leit, déi finanziell e schwéiere Stand hunn, sech den ëffentlechen Transport ouni Bedenken, gréissert Abéissen oder onnéidegen Ausgabe leeschte kënnen.

Fir déi betraffe Leit ass e Joresabonnement vu 440 Euro – dat an enger Kéier bezuelt gi muss – eng deier Investitioun. Dofir wäert all Gemeng, wou d'ADR en Entscheedungsrecht huet, dat Abonnement finanzéieren hëllefen, z.B. iwwer eng Avance, déi am Laf vum Joer kamoud op de Mount kann zréckbezuelt ginn. Esou musse sie déi beträchtlech Zomm net ënnerhalb engem Mount abéissen a si spueren 160 Euro d'Joer géigeniwwer dem Abonnement op de Mount.

E Joresabonnement fir den ëffentlechen Transport däerf kee Privileg sinn.

Famillje mat Kanner beschtméiglech ënnerstëtzen

D'Gemeng muss den Dialog tëscht den Elteren an de Betreiungsstrukturen aktiv férderen.

D'Kanner sinn d'Zukunft vun eiser Gesellschaft. Eng optimal Betreiung an Erzéiung, déi och den neie Liewensgewunnechte gerecht gëtt, hu fir d'ADR absolut Prioritéit. D'ADR wëllt den Elteren e wierklechen, materiell realistesche Choix ginn, fir hir Kanner selwer ze erzéien oder qualitativ héichwäerteg Strukturen ze gebrauchen.

An deem Kontext stelle sech och op kommunalem Niveau eng ganz Rei wichteg Erausfuerderungen, déi d'ADR bereet ass an eiser Gemeng unzepaken, andeems si:

- sech asetzt, fir qualitativ héichwäerteg Crèchen a genuch Plazen an de Gemengecrèchen
- en oppenen Dialog tëscht den Elteren, der Gemeng an de Betreiungsstrukturen (Maison des jeunes, Crèche, Schoulen asw.) aféiert, fir esou méiglech Defiziter ze erkennen an auszegläichen
- d'Interesse vun de Kanner u kommunale Veräinsstrukturen (Sportsveräiner, Museks- an Theaterveräiner asw.) férdert a si fréistméiglech an d'Veräinsliewen abezitt (beispillsweis duerch Schnupperstagen)
- d'Jugend beréit, hir Méiglechkeete fir Fräizäitaktivitéite bitt an hir hëlleft, sech op d'Aarbechtswelt virzebereeden (mat engem Konzept fir Projeten zur berufflecher Orientéierung)
- d'Aarmut biergerno an onbürokratesch bekämpft, z.B. duerch méi Berodung a vereinfacht Prozeduren
- e familljen- a kannerfrëndleche Kader schaaft, mat Spillplazen, ëffentleche Méiglechkeeten fir d'Kanner ze wéckelen, asw.

D'Eltere mussen hir Kanner a gudden Henn wëssen, ouni Suergen ëm Qualitéit, Férderung an Entfalung.

Eng Gemeng mat Häerz, och fir Hënn!

Fir vill Leit ass den Hond e wichtege Bezuchspunkt an hirem Liewen. Eelere Leit hält den Hond net nëmme Gesellschaft, mee hien hëlleft hinnen och a Beweegung ze bleiwen.

An der Gemeng feelt et awer nach u genuch Hygiènestuten an un Hondstoiletten, fir datt d'Hënn sech kënne propper maachen, ouni d'Gemeng mam Hondsdreck ze verknaschten. Dobäi wär et jo net schwéier dofir ze sueregen, et wär kee groussen Investissement an et géing ganz ville Leit d'Liewe méi einfach maachen.

Wann en Hond stierft an e gëtt duerch en neien ersat, dann ass d'ADR der Meenung, datt fir dat Joer nëmmen eemol soll d'Hondstax musse bezuelt ginn. An deem Fall, wär also fir deenn neien Hond am éischte Joer keng Tax fälleg.

D'Gemeng mat Hëllef vun Hygiènestuten an Hondstoilettë propper halen.

---------- ausschneiden an un ADR 20, rue de l'Eau L-1449 Lëtzebuerg schécken ----------

Gitt Member an der ADR, a frot och Är Famill a Frënn, fir Member ze ginn.

De Joresbäitrag ass fir eng Persoun 14.-€, fir e Stot 20.-€, a fir Schüler a Studenten 5.-€

Numm & Virnumm: .....

Adress: .....

.....

Telefon: .....

E-Mail: .....

de pefferkär

Oplag: 4.400
Verantwortlech fir dëse *pefferkär*
vun der Gemeng Käerjeng
ass d'Alternativ Demokratesch Reformpartei
22, rue de l'Eau
L-1449 Lëtzebuerg

www.adr.lu

ADR wielen - Well Käerjeng eis um Häerz läit!

An deene leschte Joren hat d'Gemeng Käerjeng, wéinst der Fusioun, vill Suen. An awer gouf keng Visioun fir d'Zukunft vun eiser Gemeng entwéckelt.

D'ADR wëllt dat änneren. Si proposéiert:

- datt e globaalt urbanistescht Konzept fir Käerjeng entwéckelt gëtt, och scho fir déi Zäit, wou de Contournement gebaut ass. D'Chance besteet elo, fir Käerjeng méi attraktiv ze maachen an d'Liewensqualitéit ze verbesseren. Dozou gehéiert och en neit globaalt Verkéierskonzept.
- datt d'Uertschaften an der Gemeng méi zesummewuesse sollen. Dofir musse si besser matenee verbonne ginn, och mat Fouss- a Vëlosweeër. D'ADR wëllt doriwwer eraus, datt och Kënzeg, Féngeg a Lénger nees e puer Geschäfter kréien. Och an deene méi klengen Uertschafte muss ee kënnen dat Néidegst kafen, ouni ëmmer op den Auto ugewisen ze sinn.
- datt d'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur méi eng héich Bedeitung kréien. Et geet net duer, der Gemeng e lëtzebuergeschen Numm ze ginn, wa fir de Rescht awer net vill fir eis Sprooch gemaach gëtt. D'Integratioun vun eisen auslännesche Matbierger muss iwwer eis Sprooch geschéien. D'ADR wëllt ausserdeem méi direkt Demokratie.

6 Prioritéite fir Är Gemeng

1. **Bezuelbaart Wunnen: D'ADR huet konkret Solutioune fir d'Gemeng!**
2. **Ëffentlech Sécherheet heescht Sécherheet fir jiddereen: Eis Gemenge brauche méi Police, eis Bierger brauche Kommissariater, do, wou si wunnen.**
3. **Mobilitéit ouni Dirigismus: D'Gemeng organiséiert de Matenee vun Auto, Fousgänger a Vëlo. Si mécht net de Choix vum Verkéiersmëttel.**
4. **Famillje mat Kanner beschtméiglech ënnerstëtzen: Mir brauchen Uertschaften, wou Kanner sech kënne wuelfillen an entfalen.**
5. **D'Lëtzebuerger Sprooch als wichtegst Mëttel zur Integratioun: Un der Gemeng ass et, eis Sprooch ze verbreeden.**
6. **Flüchtlingen ophuelen, mat Häerz awer OCH mat Verstand: D'Gemeng muss an dëser Fro matschwätzen an d'Decisiounen däerfen net iwwer d'Käpp vun de Bierger ewech geholl ginn.**

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

D'Alternativ fir Är Gemeng!

www.adr.lu

D'ADR verlaangt Moossname géint d'Liichtverschmotzung!

D'Beliichtung vun eise Stroossen a Plazen ass e wichtege Sécherheetsfaktor. D'ADR ass dowéinst der Iwwerzeegung, datt d'Beliichtung esou gutt wéi méiglech funktionéiere muss. Si soll awer no ënne geriicht sinn – op d'Stroossen an d'Trëttoiren – a keng Luucht no uewe verspreeën.

Kleng Stroosse baussent den Uertschaften, op deenen nuets bal ni gefuer gëtt, kënne mat Hëllef vun intelligente Sensoren ëmmer da beliicht ginn, wann et grad néideg ass. Manner Luucht ass och ganz wichteg fir vill Déieren, déi nuetsaktiv sinn.

Eis Mënsche gëtt de Kampf géint déi onnéideg Liichtverschmotzung och nach eng ganz aner Freed zréck – déi, fir nees kënnen en däischteren Himmel mat ville schéine Stären ze bewonneren!

Kompetent, gerecht politesch Gouvernance, w.e.g.!

D'ADR steet fir eng staark Gemengenautonomie. All Themen, déi op kommunalem Niveau kënne behandelt ginn, sollen och an der Verantwortung vun der Gemeng bleiwen. Mir setzen eis fir eng selwerbestëmmt an eegeverantwortlech Gemeng an.

Eng Gemeng këmmert sech ëm hir Gebaier a léisst hir landbekannte Manifestatiounshal (Hal 75) net einfach verkommen.

Fir datt d'Gemengepolitiker hirer wichteger Aufgab dann och wierklech kënne gerecht ginn, wëllt d'ADR eng systematesch Ënnerstëtzung vun de Gemengen- a Schäfferéit, duerch Formatiounen a Weiderbildungen.

D'ADR setzt sech desweidere fir eng verantwortungsvoll an nohalteg Finanzpolitik an. Si wëllt weder eng Erhéijung vun den Taxen oder Gemengesteieren nach eng Defizitwirtschaft duerch kreditfinanzéiert Prestigeprojeten. D'ADR mécht keng Scholden op Käschte vun deenen nächste Generatiounen.

D'ADR setzt sech fir méi Biergerbedeelegung an: Bei wichtege kommunale Froe soll de Bierger matschwätzen däerfen! Aus dësem Grond soll d'Organsiatioun vu Referenda op kommunalem Niveau staark vereinfacht ginn.

D'ADR setzt sech dofir an, datt d'Entwécklungshëllef eng staatlech Aufgab bleift, an net zu enger kommunaler gëtt. Wann d'Gemengen awer onbedéngt eege Programmer fir Entwécklungshëllef opstelle wëllen, sollen dës mam Staat koordinéiert ginn, fir duebel Ausgaben an Inkohärenzen ze verhënneren.

D'ADR mécht sech staark géint Korruptioun a Vetternwirschaft an der Politik! Op eis ass Verlooss!

Käerjeng muss méi attraktiv ginn!

D'Brauerei Bofferding ass net just fir d'Touristen eng Attraktioun, déi e Besuch wäert ass!

Eis Gemeng huet nach vill ze dacks de Charakter vun engem Stroossenduerf. D'ADR wëllt d'Uertschaften an eiser Gemeng méi attraktiv maachen. Dëst fir eis eegen Awunner, an awer och als Deel vun engem regionalen, touristesche Konzept.

D'ADR wëllt elo am Viraus plangen a stellt sech ënnert anerem dës Froen: Wéi soll Käerjeng an Zukunft ausgesinn, wann de Contournement bis gebaut ass? Wéi kréie mir méi Geschäftsliewen och op Kënzeg, Féngeg a Lénger? Wéi kënnen déi eenzel Uertschaften an eiser Gemeng besser zesummewuessen?

Wa mir eis Gemeng nach méi schéin a méi attraktiv maache wëllen, musse mir eng Rei vu Moossnamen huelen. Mir mussen:

- eise Patrimoine valoriséieren, schützen a méi bekannt maachen.
- eis Uertschaften ënnerteneen duerch Fouss- a Vëlosweeër verbannen.
- eng mënschlech a liewenswäert Architektur begënschtegen.
- an Zesummenaarbecht mat den Nopeschgemengen e Konzept fir e regionalen Tourismus ausschaffen.

Fir d'ADR ass den Engagement an der Gemeng eng Verflichtung fir d'Liewensqualitéit vun de Leit ze verbesseren. An dozou gehéieren och Kamouditéiten, eréi de Bäcker, d'Epicerie an de Café am Duerf. Dofir wëlle mir eis dorëm këmmeren, datt esou Geschäfter och nees kënnen an déi méi kleng Dierfer vun der Gemeng kommen.

De lokale Charme vun der Gemeng soll och op d'Touristen attraktiv wierken. Mir mussen erreechen, datt si hiren Openthalt net just op d'Duerchfahrt oder en Iesse beschränken, an op d'mannst eng Nuecht an engem vun eise lokalen Hotellen verbréngen.

Ëmwelt: och eng Prioritéit!

D'Ëmweltbelaaschtung duerch d'Industriezon muss am A behale ginn!

D'Ëmweltproblemer mat deem onerhéierte Wuesstem, dee Lëtzebuerg elo schonn iwwer Joerzéngte kennt, verlaangen no Léisungen.

D'Gemenge kënnen hëllefen iwwerméissegen Offall, Waasser- an Energiekonsum ze reduzéieren. Si kënne Bauvirschrëfte maachen, fir datt méi energiebewosst an ëmweltfrëndlech gebaut gëtt. Si kënne Gréngzonen definéieren an d'Land besser notzen. Do wou et sënnvoll ass, kann eng Gemeng och an alternativ Energien investéieren.

Eng Gemeng muss awer ëmmer am Déngscht vum Bierger schaffen. Si ass do fir dem Bierger ze hëllefen an net, fir hien ze schickanéieren. Si ass och net do, fir hien ze erzéien. De Bierger soll ëmmer nach de Choix hunn! Sougenannten "intelligent Compteuren" hëllefen dem Bierger, fir säi Stroumverbrauch ze steieren. D'Gemeng an de Staat hunn awer kee Recht, op Grond vun dësen Donnéeën dem Bierger seng Gewunnechten auszespionéieren oder a säi Liewen anzegräifen.

D'ADR wëllt am Ëmweltschutz dës Prinzipien duerchsetzen:

- Gemengeservicer op iwwerméissege Ressourcëkonsum iwwerpréiwen an ëmweltschounend Praktike favoriséieren.
- Infrastrukturen ewéi Kanäl, Leitungen a Kläranlagen modern a grouss genuch plangen. Dozou gehéieren och präventiv Mooss-name géint Iwwerschwemmungen.
- D'Beanträchtegung vun der Liewensqualitéit duerch iwwerméissege Kaméidi an Nuetsbeliichtung aschränken.
- Eng Gemeng brauch net just schéi Parken a Plaze mat Beem a Blummen am Bëtong: Si brauch och Gaardekolonien a Gemeinschaftsgäert a Wisen, wou d'Leit kënne spille, Sport dreiwen, hiren Hobbyen nogoen, sech begéinen an zesummen Aktivitéite maachen.
- De Waasserverbrauch soll gläichzäiteg ëmweltschounend a sozial gerecht gereegelt ginn. Dofir proposéiert d'ADR datt 30 Fudder Waasser op de Kapp a pro Joer gratis sinn an duerno eng nom Verbrauch gestaffelt Tax gräift.
- Wann eng Gemeng de Bauperimeter wëllt erweideren, da muss dat esou ëmweltschounend wéi méiglech an am Respekt vum Uertschaftscharakter geschéien.
- D'ADR ass d'Partei vun der direkter Demokratie. Dofir soll de Bierger hire Wënsch bei der Duerfgestaltung an -entwécklung méi Rechnung gedroe ginn.

Migranten an der Gemeng

An der Migratiounskris ass d'ADR fir human Léisungen, ënner Berécksiichtegung vun deene relevanten internationale Konventiounen. Si ass net averstane mat der Flüchtlingspolitik vun der EU a vun der Regierung. Europa kann net jiddereen ophuelen a Lëtzebuerg scho guer net. Dowéinst wëllt d'ADR deene Leit Hëllef bidden, déi d'Hëllef wierklech brauchen.

D'ADR ass géint e Quotesystem fir d'Migranten op d'Gemengen ze verdeelen. Si besteet op de Prinzip vun der Gemengenautonomie, geknäppt u bestëmmte Konditiounen.

Fir d'Opnam vu Migranten an der Gemeng gëllt:

- Net de Stat eleng decidéiert, mee och déi eenzel Gemeng an hir Bierger entscheede mat iwwer d'Opnam vu Migranten.
- Hëlt eng Gemeng fräiwëlleg Flüchtlingen op, kritt si Ënnerstëtzung vum Staat.
- Wann eng Gemeng wëllt Migranten ophuelen, muss si och e volontaristeschen Integratiounsplang hunn, well et net däerf zu Parallelgesellschafte kommen.

Speziell an der Wunnengsfro verlaangt d'ADR, datt déi sougenannte Containerdierfer den Accord vun der Gemeng mussen hunn, an datt de Staat net just iwwer d'Prozedur vum POS (plan d'occupation des sols) däerf verfueren. Fir d'ADR däerf et dobäi och net zu "Ghettoen" kommen an et musse klore, gerecht an transparent Prozedure ginn, déi d'nämmlecht sinn, fir ALL Leit, déi eng (Sozial-)Wunneng brauchen a sichen. Et däerf keng Privilegéierung oder Diskriminéierung vun deem Engen oder Anere ginn.

Ob Flüchtlingen an d'Gemeng kommen, däerf de Staat net eleng decidéieren!

Fir eng optimal Integratioun vun deen unerkannte Flüchtlingen – also deenen déi bleiwen däerfen – gëllt:

- D'Gemeng setzt sech fir hir Integratioun an, och an Zesummenaarbecht mat de Veräiner.
- Hir Kanner sollen an d'Aktivitéite vu kommunale Betreiungsstrukturen agebonne ginn.
- Fir deene Kanner am Grondschoulalter fair Chancen ze ginn, muss d'Gemeng fir genuch Personal suergen an déi Fuerderungen och energesch beim Staat vertrieden.

adr:
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

D'Alternativ fir Käerjeng

Kartheiser Fernand
58 Joer, Fengeg
Deputéierten

Kutzner Paul
68 Joer, Käerjeng
Pensionéiert

Colbach Laurence
31 Joer, Uewerkäerjeng
Hausfra

Flesch Charlotte
73 Joer, Käerjeng
Pensionéiert

Gross Nadine
52 Joer, Käerjeng
Hausfra

Harles Sheila
36 Joer, Uewerkäerjeng
Gemengenaarbechterin

Justen Nancy
27 Joer, Uewerkäerjeng
Aide-educatrice

Losch Patrick
51 Joer, Käerjeng
Salarié

Prott Antoine
74 Joer, Käerjeng
Pensionéiert

Runck ép. Oesch
Margrit
71 Joer, Käerjeng
Pensionéiert

Saddi Sandro
34 Joer, Käerjeng
Salarié

Tartarelli Angelo
44 Joer, Uewerkäerjeng
Kach

Thein Steve
39 Joer, Käerjeng
Employé CFL

Tintinger Maggy
67 Joer, Käerjeng
Pensionéiert

Wolff Marie-Louise
64 Joer, Käerjeng
Pensionéiert

D'Alternativ fir Är Gemeng!